



duerch gekennzeechent, dass mer spezialiséiert Saache gemaach hunn: Waasseropbereedung, den Dénage, wou mer eng reell Plus-value konnte bréngen mat engem relativ héije Grad u Spezialisatioun. Mir hu fir de Rescht ëmmer probéiert - wa mer international mat präsent sinn -, Missiounen ze erfëllen, déi keen offensiven Charakter hunn. Dat ass eng Eegenaart, déi d'Lëtzebuerger Arméi mat Sécherheet wesentlech manner huet wéi anerer.

Dofir kann et natierlech nëmmen iwwerraschen, wa mer Suen ausgi fir déi doten Zort Waffen. Dofir wär ech och frou, wann de Verteidigungsminister eis kéint soen, wat Sënn an Zweck vun deenen dote Waffe fir d'Lëtzebuerger Arméi ass, wéi vill dass mer där bestallt hunn, wat de Gesamtkäschtepunkt ass vun deene Rakéiten a wéi de Minister gedenkt, dass sech den Asaz vun esou Waffensystemer ka kompatibel erweise mat deem, wat d'Lëtzebuerger Arméi zënter relativ laange Joren elo ausmécht.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. Elo kritt d'Wuert den Här Verdeedungsminister Jean-Marie Halsdorf.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de la Défense.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, deesen Investissement oder des Acquisitiounen sinn eng total Normalitéit, well si beweegen sech am Kader vun den Acquisitiounen vum Fonds d'équipement militaire, deen iwwert d'Gesetz vum 21. Dezember 2007 hei an der Chamber ofegestëmmt ginn ass. Dat ass also d'Base légale.

Wat ass hei geschitt? Nun, d'Zäite vum Kale Krich sinn eriwuer, a mir haten an deem Beräich Materialien: Mir haten dräi Systemer, déi koexistéiert hunn am Beräich vu Waffe géint Panzeren, Antipanzersystemer. Op där enger Säit hate mer sougenannte Roquettes, LAW, déi heesche Light Anti-tank Weapons; dann hate mer e System anticar lourde, deen heescht TOW, dat heescht Tube-launched, Optically tracked, Wire-guided missiles, a mir hate nach Mortiers - sougenannte Panzerfaust - vun 81 mm.

Dat ass natierlech net méi zäitgeméis, an dofir ass dat ofgeschafft ginn an et huet missen duerch en neie System ersat ginn. Firwat „missen“? Ma well mer jo ee Prinzip hunn, an deen hunn ech Iech nach de leschte Méindeg an der Chamberskommission gesot: dass eis Leit, déi an d'Missiounen ginn, mussen beschtméiglech geschützt ginn, déi beschte Materialien ronderëm sech an déi beschte Ausbildung.

Dat hei ass dat beschte Material. Contrairement zu deem, wat Der elo gesot hutt, ass dat heite keen Instrument, keng Armee d'appui, mä et ass eng Autodéfense. Dat heescht, mir si jo an deene sougenannte Battlegroups oder Groupements tactiques vun der EU a mir sinn och an de sougenannten NRFen, NATO-Response-Force-Unitéiten. Déi ginn an Asätz, dat kann eng Kéier an Asaz sinn, dat kann eng humanitär Missioun sinn, dat kann awer och e Worst case sinn. Da mussen eis Leit sech kënnen schützen. A wann esou eppes gemaach gëtt, ass dat natierlech ofgeschéiert, wa géif geschoss ginn, fir einfach deene Leit déi beschte Moyenen ze ginn an de Worst-casen, fir sech ze verteidigen, a fir am Fong geholl dann d'Liewe vun deene Leit, déi an de Missiounen sinn, ze schützen.

Dofir mengen ech, dass dat heiten total en phase ass mat där Politik hei zu Lëtzebuerg, déi gemaach gëtt, wat eis Arméi betrëfft. Mir sinn hei am Fong geholl souguer zréckgaangen: Virduen hate mer - ech hunn dat nokucke gelooss - am LAW-System 598 Roquettes, mir hate siwen esou TOW-Posten, also sougenannten Anticharsystemer, a mir haten immens vill där Mortieren do. Dat ass alles ofgeschafft ginn a mir hu just nach 63 Stéck am Stock.

Déi 63 Stéck, dat misst bis déi nächst 15 Jore duergoen. Deen Investissement, dee

läit ongeféier bei véier Milliounen mat der Formatioun, mat allem Drum und Dran. Dir gesitt also: Wirtschaftlech gëtt et méi bëlle, et si manner Käschten. Doduerch, dass kënnen Simulatiounen domat gemaach ginn - dat heescht, et muss net richteg geschoss ginn, et ka simuléiert ginn, fir d'Formatioun ze maachen -, doduerch brauche mer vill manner Material. Dofir hu mer der just 63, wou mer der virdu 600 haten. Et ass also och nach ëmweltfrëndlech. Sou dass mer, am Fong geholl, wat dee Volet ugeet, op där richteger Schinn sinn, mengen ech.

Et ass eng total Protektioun fir eis Zaldoten. Dofir mengen ech, dass deen Investissement hei eppes ganz Normales ass. Et ass dat Beschte, wat mer hätte kënnen maachen, well mer kënnen eis net erlaben, fir - am Fong geholl - do net mat deenen anere matzezielen. Dat Material gouf d'leschte Joer bestallt, am Laf vum leschte Joer gouf et bestallt. Déi Iwwerleeungen si scho bei mengem Virgänger ugaangen. Et ass also eng Geschicht, déi iwwer e puer Jore gaangen ass, an ech mengen, hei huet d'Arméi dee richteg Schrëtt ënnerholl am Interesse vun deene Leit, déi sech fir hir Arméi engagéieren.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Verdeedungsminister Jean-Marie Halsdorf.

Domadder wiere mer um Enn vun eiser Froestonn. Den nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour ass de Projet de loi 6065 iwwert d'Héichwien A a B zu Belval. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech bis elo schon ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Mutsch, den Här Bausch, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

5. 6065 - Projet de loi relatif aux travaux de mise en valeur des hauts fourneaux A et B de Belval

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru knapps siwe Jore, de 15. Oktober 2003, stoung mäi fréiere Fraktiounskolleeg, de Fred Sonnen, hei op där Plaz - ech wëll hien och vun där Plaz aus ganz häerzlech grëssen - an huet de Rapport gemaach iwwert dat éischt Gesetz iwwert d'Héichwien. Hien huet deemools de franséische Komponist Maurice Ravel, Auteur vum weltberühmte Boléro, zitéiert, deen ufanks vum 20. Jorhonnert d'Ruhrgebit besicht huet an dovunner därmoossen impressionéiert war, dass e Folgendes geschriwwen huet: „Wie soll ich Ihnen den Eindruck dieser Schlösser aus flüssigem Metall, dieser glühenden Kathedralen, der wunderbaren Sinfonien von Pfiffen, von furchtbaren Hammerschlägen schildern, der uns umhüllt!“

Ech hu mir erlaabt, nach eemol ze zitieren, wat de Fred Sonnen deemools gesot huet, well ech fannen, dass dat ganz gutt erëmgëtt, wat d'Héichwien bei ville vun eis heibannen auslësen. Déi fréier Produktionsbetreiber fir Stol an Eisen am Süde vu Lëtzebuerg sinn haut historesch Bauwierker, déi ouni Zweifel zu eiseem nationale Patrimoine gehéieren. Si erzielen d'Geschicht vun enger gellener Ära vun der Lëtzebuerger Ekonomik, an där d'Fundament fir de Räichtum vum Land geluecht gouf. Si erziele vun de Stolarbechter, déi den Haaptundeel an där Erfollegsstory hunn. Mä si erzielen awer och d'Geschicht vu méi däischtere Säite vun der Sidéurgie. Och dat si Wieder, déi mäi Kolleeg Fred Sonnen 2003 gesot huet.

Dat Ganzt si Meilesteng an der Lëtzebuerger Geschicht, déi mir net vergiessen därefen. Dofir ass et eis Pflicht a Schëllegkeet, d'Zeie vun deemools, an domat mengen ech d'Héichwien, ëm déi et jo haut am Projet de loi geet, a Stand ze setzen an ze protégéieren.

Ech ka mech, wéi wuel déi meescht heibannen, nach ganz gutt erënneren. Mä och déi Generatiounen, déi no eis kommen, solle Bescheid wëssen iwwert d'Aarbecht vum Mineur a vum Schmelzaar-

bechter, déi d'Sozialgeschicht geschriwwen an de Kapp duergehalen hunn, fir dass et eis haut esou gutt geet, wéi et eis hei zu Lëtzebuerg geet.

Léif Kolleginnen a Kolleegen, ier ech de Projet vun haut virstellen, erlaabt mer, kuerz op d'Aarbecht an der Chamberskommission vun der nohalteger Entwécklung anzugeen. De Projet ass den 8. September 2009 an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 18. Dezember 2009 ofginn. An der Réunion vum 8. Oktober 2009 ënnert der Présidence vum Fernand Boden ass de Projet déi éischte Kéier analyséiert ginn, an ech sinn dee Moment och zum Rapporteur ernannt ginn.

Den 10. Februar dëst Joer ware mir eis och zesumme mat der Kulturkommission an de Ministeren de Site op Belval ukucken. E gudden Mount drop hu mir an der Kommission - am Accord mat de concernéierten Ministeren Claude Wiseler an Octavie Modert - decidéiert, de Projet opzesplécken an der Restauréierung vun den Héichwien eng absolut Prioritéit ze ginn an den CNCI eréischt an enger zweeter Etapp ze realisieren.

Doropshi goufen Amendementer ausgeschafft, déi d'Kommission de 7. Abrëll ugeholl huet. Keng zwou Wochen drop, genee den 20. Abrëll, hate mir schon den Avis complémentaire vum Statsrot. Well déi héich Kierperschaft keng weider Problemer mat deem neien Text hat, konnte mir schon den 21. Abrëll de Rapport unhalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem e bësse méi prozeduralen Exkurs kommen ech elo awer erëm op dat Wesentlech zréck, nämlech eis zwou Héichwien. Ier ech op den Historique vum Projet de loi aginn, wëll ech nach eemol kuerz en Ausfluch an d'Geschicht vum Site Belval maachen.

De Site vu Belval-Ouest steet wéi keen aneren am Mëttelpunkt vun der neier Orientéierung vun der Lëtzebuerger Landesplanungspolitik. Dat war esou 1912 an dat war och esou an där Initiativ vum deemolegen Innenminister Michel Wolter, dem Projet Belval.

An de Joren 1909 bis 1912 ass d'Belvaler Schmelz gebaut ginn. Dat zu enger Zäit, wou d'ARBED sech gegrennt huet a wou Lëtzebuerg sech als sechstgréisste Stolproduzent op Weltniveau festgeluecht hat. Zu där Zäit stoung op Belval-Ouest eng vun deene modernste Schmelzen op der Welt, déi Modellcharakter hat. Mat net manner wéi sechs Héichwien mat enger Produktionskapazität vun 250 Tonne Goss pro Dag huet se op engem Areal vun 200 ha zu Spëtzengäiten vum Krich ronn 2.000 Leit eng Aarbecht ginn.

Nom Zweete Weltkrich huet Belval misse moderniséiert ginn. Déi sechs Héichwien si verbreedert ginn an et gouf en neit Walzwierk installéiert. Trotzdeem ass et ufanks de 70er Joren zu massiver Produktionsabréch komm. Virum Ausbruch vun der Stolkris hunn um Belval 7.200 Leit eng Beschäftegung fonnt. Qualifizierter an net qualifizierter, d'Schmelz hat Aarbecht fir all Mënsch: Bedewärter, Produktioun, Handwierker, Meeschteren, Ingenieuren, Ekonomisten, Affekoten, fir all Leit. Esou e Betrib gëtt et haut leider net méi hei zu Lëtzebuerg.

Vill Generatiounen vu Lëtzebuerger Awunner a Grenzgänger hunn um Belval hiert Liewe verdéngt an hunn zum Räichtum vu Lëtzebuerg maassgeblech bäigedroen.

Och weinst der Stolkris sinn eng Partie vu weideren Transformatiounen noutwendeg ginn. Ënner anerem sinn déi sechs Héichwien duerch dräi neier ersat ginn, déi méi performant waren. Si ware mat A, B an C bezechent. Dee gréissten Héichwien, den C, gouf an den 80er Joren a China verkaaft. D'Héichwien A a B si Gott sei Dank erhale ginn a ginn haut eng impressionnant Kuliss of, och wann an Zwëschenzäit e Blanne gesäit, dass den Zahn der Zeit dru knat. Dofir ass et esou wichteg, dass mir och elo zu dësem Moment handelen.

Mat de Joren hunn d'Produktiounssiten am Süde vun eiseem Land generell misse moderniséiert ginn. Nodeems mir am Ufank d'Minette am Land geholl hunn, duerno d'Minette aus Brasilien a Schweden koum,

well den Eisegehalt méi grouss war, ass awer op kuerz a laang Weil d'Diskussion lassgaange bei der ARBED: „Musse mir nach mat Héichwestol weiderfueren oder geet et net drëm, fir op Elektroewen ëmzeschalten?“ Well déi gi jo just mat Schrott gefiddert an net méi mat Minette. Obwuel mer dann och wëssen, dass de Stol net méi déiselwecht Qualitéit huet wéi virduen.

Verschiede Schmelzen an Europa hunn an de 70er Joren hir Diere ganz zougemaach. Zu Lëtzebuerg, wou um Héichpunkt 27.000 Leit an der Stolindustrie an an de connexe Betriber geschafft hunn, sinn d'Aarbechtsplazen ouni kalbiddeg Entloosungen, mä am Kader vun der nationaler Solidaritéit, DAC-Noutstandsarbechten, Préretraite an esou weider, vu 27.000 op 15.000 an duerno op haut 6.200 Leit zréckgaangen.

De Site Belval steet fir wichteg Phasen an der Lëtzebuerger Sidéurgie: déi Phas vum Éischte Weltkrich, wou eist Land de sechstgréisste Stolproduzent war; déi aner Phase sti fir dee leschten Héichpunkt vun der Ära vun der Stolindustrie an elo fir den Héichpunkt vun där neier Industrie, nämlech vum Uni-Standuert Lëtzebuerg.

Dat, wat elo do um Site ze gesinn ass, geet bis op d'Joer 1912 zréck an illustréiert zum groussen Deel de Modellcharakter vu Belval, well dee ganze Produktionsprozess retracéiert gëtt. Zu Belval stinn haut nach eis zwou lescht Héichwien hei am Grand-Duché, déi aus de Jore '65 respektiv '70 stamen. Den Héichwien A ass 1990 frëschgemaach ginn, huet awer just nach als Reserv gedéngt a war ni méi a Betrib geholl ginn. Den Uewe B ass dee leschten, deen nach hei zu Lëtzebuerg a Betrib war an ass 1997 stëllgeluecht ginn, nodeems vun 1993 un op déi elektresch Filière iwwergeswicht gouf.

No der Entscheedung vum ARBED-Verwaltungsrot, mat den Héichwien opzehalen, hunn 1997 zwou Lëtzebuerger Deputéierten, de Jean Spautz an de Marcel Glesener, d'Initiativ geholl, fir eng Motioun fir den Erhalt vun engem Héichwien ze maachen. Déi zwou laangjäreg Deputéierten haten hiert Berufsliewen Enn de 40er respektiv de 50er Joren op Belval ugefaangen. Dës Motioun hat déi eestëmmege Zoustimmung vun dësem héijen Haus.

Déi zwou lewe sinn den 18. Juli 2000 vun der Commission Sites et Monuments an den Inventaire supplémentaire vun de Sites et Monuments gesat ginn. Ech erspueren Iech elo déi technesch Spezifitéiten vun deenen zwou Héichwien. Falls et Iech interesséiert, kënn Dir dat awer gären a mengem schrëftleche Rapport oder am Exposé des motifs vum Projet noliessen.

De Projet fir d'Erhale vun den lewe reit sech an de Kontext vum neie Stadquartier op Belval an. De Beräich vun den Héichwien gëtt als öffentlech zougänglech Plaz an d'Cité des Sciences integréiert, an där si souguer den zentralen - wéi géifen eis däitsch Nopere soen - Dreh- an Angelpunkt duerstellen.

De Regierungsprogramm vum leschte Joer huet virgesinn, dass op Belval sollen d'Héichwien valoriséiert ginn a gläichzäiteg den CNCI, de Centre National de la Culture Industrielle, soll geschaf ginn. De Fonds Belval war vum Kulturministère domat beoptraagt ginn, engersäits e Konzept fir d'Erhale vun den Héichwien an anerersäits fir d'Exploitatioun an d'Aktivitéiten vum CNCI auszeschaffen.

Ech erënneren drun, dass den CNCI an d'Héichwien insgesamt den Objet vun dräi Projekte ginn. D'Gesetz vum 17. November 2003 - ech hat et vidu scho genannt - huet et erlaabt, déi néideg Etüden a Virbereedungsarbechten ze realisieren. Insgesamt waren hei ronn 14 Milliounen engagiert: eng Kéier fir d'Sécherung an d'Stabiliséierung vun den Héichwien, zweetens fir d'Elaboratioun vum Konzept fir d'Konservéierung an d'Valoriséierung an drëtters fir d'Aarbechte vum Démontage an d'Restauréierung, fir spéiderhin den Zeenario vun der Konservatioun vun deenen zwou lewe kënnen ze realisieren.

Wéi ech et schon an den Antécédenten ugeschwat hunn, si mir en cours de route awer vum initiale Projet ofgewach. Leider si mir duerch d'Finanz- a Wirtschaftskris gezwonge ginn, esou dass mir de Projet



initial elo an zwee gespléckt hunn. Eng absolut Prioritéit kritt dobäi d'Restauration vum den Héichiewen.

Firwat? Ganz einfach: All Expert seet lech, dass d'Héichiewen, wa se bis net méi am Gebrauch sinn, méi séier raschten, wéi ee ka kucken. Mä et muss een net emol Expert sinn, fir dat feststellen. Well jiddwereen, deem eng Kéier an der Rockhal war oder d'Geschäfte am neie Plaza besicht huet, gesäit dat, dass den Zahn der Zeit...

(*Interruption*)

...wirklech ëmmer méi séier dodru schafft wéi net virdrun.

Oh, Här Bettel, Dir waart sécher nach net do, mä Dir kënnt eng Kéier gäre kommen.

(*Interruptions*)

D'Madame Mutsch als Buergermeeschter invitéiert eis eng Kéier.

Dass elo d'Héichiewe Prioritéit genéissen, heescht awer net, dass mir den CNCI fale loosse. Op kee Fall! Dee Projet gëtt erëm opgëraaft, soubal déi budgetär Situatioun et zouléisst.

Dat ass och den Objet vun enger Motioun, déi ech hei géif presentéieren, déi och mat Ausnahm vum enger Gruppéierung vun all Mënsch heibannen ënnerschriwwen ginn ass.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu la valeur des hauts-fourneaux A et B de Belval en leur qualité de témoins du passé glorieux de la sidérurgie des XIX^e et XX^e siècles au Luxembourg;

- vu l'urgence de procéder aux travaux de sécurisation et de stabilisation des hauts-fourneaux A et B de Belval;

- vu la vocation du Centre National de la Culture Industrielle (CNCI) de valoriser le site des hauts-fourneaux de Belval et de devenir un centre fédérateur à rayonnement national et transfrontalier;

- vu l'impact de l'actuelle situation financière et économique sur les finances de l'État luxembourgeois et la nécessité qui en résulte de réaliser des économies de grande envergure;

- vu la décision du Ministère du Développement durable et des Infrastructures, du Ministère de la Culture ainsi que de la Commission du Développement durable et des Infrastructures de scinder le projet de loi N°6065 en deux et de donner une priorité aux travaux de restauration des hauts-fourneaux;

invite le Gouvernement à

- réaliser dans les meilleurs délais la restauration des hauts-fourneaux;

- reporter la réalisation du CNCI sans l'abandonner et de prévoir sa réalisation dès que la situation financière de l'État le permettra;

- élaborer et poursuivre un concept pour le CNCI en étroite collaboration avec la Commission de la Culture.

(s.) Marc Spautz, François Bausch, Eugène Berger, Fernand Boden, André Hoffmann, Lydia Mutsch.

D'Industriekultur ass e wichtege Deel vun eiser Geschicht. De Musée des Mines zu Rëmeleng, de Fond-de-Gras am Kordall kennen e groussen Erfolleg. D'Cockerill zu Esch an de Steckel zu Diddeleng hu Minette-, Stol- an Industriegeschicht mat geschriwwen an d'Groussgasmaschinn zu Déifferdeng, fir nëmmen déi ze nennen, sinn och Projeten, déi op d'Industriekultur vun der Stolindustrie zréckweisen.

Aus finanzielle Grënn ass et de Moment schwéier, déi Monumenter ze erhalen, a mir däerfe se net, wéi am 18. Jorhonnert eis Buerger a Schlässer, einfach verfale loosse an 200 Joer drop vill Suen ausginn, fir se erëm opzerichten. Dofir ass et besser, dass mer, soubal d'finanziell Situatioun eis dat erëm erlaabt, alleguerten déi Projeten och wäerten erhalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wësst esou vill zu den Héichiewen ze zielen, mä d'Zäit leeft mir fort. Erlaabt mir, dass ech awer nach kuerz op d'Erhale vun den Héichiewen aginn. Fir schlussendlech beim Projet unzekommen, bei deem mir haut sinn, nämlech bei deem vun der Konservatioun, goufen eng ganz Rei Etüde ge-

maach. Et gouf och schonn um Site selwer intervenéiert, well et immens geféierlech war - verschidden Elementer, et sinn dat d'Stabilitéitsproblemer vun den Tieren zum Beispill, fir nëmmen déi ze nennen -, an et huet de Risiko bestanen, dass Leit géife blesséiert ginn.

Et ass e kompletten Inventaire gemaach gi vun deene ganzen Infrastrukturen, nottamment wat déi metallenen Droelementer ugeet. Wéi gesot, goufen an dëser Etapp och Sécherungs- a Stabilisatiounsarbechten ausgefouert. Op all déi Etüden hin huet d'Regierung sech dozou entschloss, den Zeenario vum Monument dans la Cité ze realiséieren, well se deen immense Potenzial vun den Héichiewen um neie Quartier op Belval erkannt hunn.

Wéi genau ginn d'lewen elo erhalen? Déi typesch Elementer vum Héichuewen A an een Deel vun der Möllerei gi konservéiert, fir de Prozess vun der Schmelz ze erklären an ze dokumentéieren. Heifir ginn d'Installatiounen vum Uewen A méi ëmfangräich erhalen wéi déi vum Uewe B. Et ass nämlech esou - ech hat et virdru scho gesot -, dass den Uewen A jo 1987 frëschgemaach gouf, duerno awer ni méi a Betrib war. Sou ass et bestëmmt deen eenzeg Uewen op der Welt, dee vun haut op muer erëm eng Kéier kéint produzéieren an deen nimools ënner Feier gesat gi war an deen nimools ugestach ginn ass.

Vum Héichuewe B gëtt u sech just d'Silhouette erhalen. D'Baussemauere vun der Möllerei ginn integral erhalen als Charakteristik vum Site, en Deel gëtt als Deel vum Parcours fir d'Visiteure genotzt, deen anere gëtt d'Unibibliothék, déi sougenannte Maison du Livre.

Doduerch, dass en Deel vun deene gemeinsamen Installatiounen vun deenen zwee Héichiewen ofgerappt gëtt, gëtt och nach Plaz fir d'Cité des Sciences, déi dofir ka genotzt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virdru gesot, et géif Urgence bestoen, ze handeln. Dofir zielen ech lech séier a kuerz déi Aarbechten op, déi elo esou séier wéi méiglech musse realiséiert ginn: d'Behandlung vun den Uewerflächen an d'Restauration vum Héichuewen A gradesou wéi vum Héichuewe B, d'Upasse vun dëse Bauwierker un den urbane Kontext an d'Belichtung vun den lewen. Dat Ganzt kascht an enger éischter Phas 26.750.000 Euro. Wann ee weess, dass de Projet initial mam CNCI 38.127.000 Euro kascht hätt, huet ee jo séier gerechent, wéi vill een hei fir de Moment gespuert huet - ech betounen awer „fir de Moment“ -, nämlech 11.377.000 Euro.

Ofschléissend nach e Wuert zum Avis vum Statsrot. Déi héich Kierperschaft hat keng gréisser Problemer mat dësem Projet a se huet och d'Opsplécke vum Projet guttgeheescht. Fir dass et elo esou séier wéi méiglech ka virgoen an d'Aarbechte kënnen ufänken, bieden ech lech all, dësem Projet d'Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech elo scho Merci fir d'No-lauchteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Marc Spautz. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Hien ass souwuel op den Historie agange wéi och elo zum Schluss nach op eng Rei technesch Detailler. Dat kann ech mer dann zum gudden Deel spueren.

Här President, an Zäiten, wou vu Schwieeregkeete vum Statsbudget vill Rieds ass a wou iwwerall vu Spuere beim Stat geschwat gëtt, kann ee sech froen, ob et ubruecht ass, elo Milliounen ze stëmmen, fir zwee Héichiewen ze erhalen, déi net méi funktionnéieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Et sinn der, déi direkt op esou eng Argumentatioun dropgespronge sinn, och ënner anerem an der CSV-Fraktioun, wou d'Madame Frank gemengt huet, dat wier net noutwendeg, déi Héichiewen ze erhalen, dat wiere Suen

zur Fënster erausgehäit.

(*Interruption*)

Dofir huet si och net de Rapport gestëmmt, dee mer an der Kommissioun ofgestëmmt hunn, a si huet och gesot, si wëllt dat net beim Vote herno an der Chamber maachen, fir de Projet ze stëmmen. Si ass awer haut de Mëtteg net hei. Dofir ass et schued, dass mer net kënnen gesinn, wéi se dann zu deem Projet schlussendlech steet.

(*Interruptions*)

Ech fannen awer, et ass sech et e bëssen einfach gemaach mat esou enger Argumentatioun, och wann een domadder kann an engem ländleche Bezierk bei de Wieler vläicht gutt ukommen. Well et ass eng Attitüd hei, wou awer wirklech mat der Scheierpaart gewénkt ginn ass. Ech wëll hei ënnersträichen, dass d'DP-Fraktioun d'Erhalen an d'Restauration vun den Héichiewen zu Esch/Belval ënnerstëtzt, och an engem aktuelle schwierege finanzielle Kontext.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Mir ënnerstëtzen dëse Projet, well d'Héichiewe sinn déi materiell Zeie vun eiser industrieller Vergaangenheet, där mer e groussen Deel vun eise Wuelstand verdanken. D'Héichiewe sinn e ganz staarkt Symbol fir de Süde vun eise Land, fir d'ganz Land. Mat den Héichiewen identifiziéiere sech haut nach ganz vill Mënschen hei am Land, Generatiounen. Wien huet net iergendeen an der Famill, deen net an der Zäit an de Grouwen oder op der Schmelz geschafft huet? Och mäi Grousspapp - vu menger Mamm hirer Säit - huet nach bis an d'60er Joren op der Schmelz geschafft.

D'Héichiewe si ganz einfach en Deel vun eise Patrimoine national. Et ass en Deel vun eiser Geschicht an - ech géif scho bal soen - en Deel vun eiser Identitéit haut ginn.

Da muss ee sech och froen: Wat wieren d'Alternative gewiescht? Se lues a lues veraschten ze loosse, dass se zesummegefall wieren, oder carrément ofrappen? Ech mengen, domadder wier een op ganz vill Onverständnis gestouss. An dat hätt och e ganze Koup Sue kascht.

Ech mengen, d'Erhale vun den Héichiewe soll awer net nëmmen am Sënn vu Symbolik a Monument geduecht ginn, mä d'Erhale vun den Héichiewen, dat ass och e Potenzial, fir de Site vun de Friche selwer erëm opzewäerten. Well et jo och en Deel ass vum Konzept vun der ganzer Entwécklung op de Frichen, mat der Universitéit. A letztendlech kann dat ënner anerem och eng Attraktioun ginn, eng Touristenattraktioun fir de Süden. Et kann een also och d'Erhale vun den Héichiewen an där Optik gesinn als en Investissement, als en Ufank fir en neit Liewen op de Frichen.

Ech wëll awer trotzdem och e puer e bësselche méi kritesch Bemierkunge maachen zu deem Projet. Zum enge muss ee bedauern, dass d'Sécurisatioun vum Site an och dat Ganzt - bis dass dat Ganzt wirklech an d'Rulle komm ass - wirklech laang Zäit gebraucht huet: praktesch 14 Joer, wann ee sech kann op en Artikel haut an enger Dageszeitung référéieren. Wann een also méi fréi do un déi Saach erugaange wier, hätt ee kënnen eng Rei Détérioratiounen évitéieren. Et hätt een also och kënnen am Endeffekt Sue spueren, wann ee méi fréi domadder ugefaangen hätt. Et hätt een och vläicht méi Elementer kënnen erhalen, wéi dat elo de Fall ass.

Doduerch, dass mer elo de Projet splécken, dat heescht, dass op där enger Säit d'Héichiewen erhale ginn, awer dass den CNCI op méi spéit vertagt ginn ass - wou mir domadder d'accord sinn -, spueren mer elo op där enger Säit Suen. Et bleiwen nach ronn 27 Milliounen, déi mer elo investéieren, wou een och scho muss soen, dass awer schonn 13 Milliounen engagéiert sinn oder scho verschafft si fir déi vergaange Joren.

Do muss ech awer trotzdem froen, firwat dat esou e groussen Invest ass. Zum Beispill am Ausland, do gëtt et Plazen - Uckange oder aner Plazen, fir nëmmen dat ze zitieren -, wou ee mat manner Suen och datselwecht Zil erreecht huet. Dat heescht, et wier eigentlech gutt - a mir wieren och frou als Fraktioun -, wa mer do

och total Transparenz géife kréien iwwert déi bis elo getäteg Dépensen an och déi kommand, dass wirklech do och all Euro, deen ee fir déi Renovatioun vun den Héichiewe virgesäit, an d'Héichiewe fléisst, an dass een och zum Beispill weess, wat mat de Sue geschitt, déi een eventuell duerch Recetten huet.

Well et ass jo och esou, dass awer Elementer ofgedroe sinn, dass do - ech soen emol, de Schrott, d'Verschrottung - verschidden Équipementen jo och nach kënnen verkaaft ginn oder dass een déi ka benotzen: wat dann och eventuell dobäi erauskënnt? Also, mir wiere frou, wann do wirklech eng komplett Transparenz géif entstoen.

Wéi gesot, wéi och déi aner Fraktiounen si mer d'accord, dass mer de Projet splécken: op där enger Säit also d'Héichiewen, op där anerer Säit da méi spéit den CNCI realiséieren, wann de Budget et erlaabt. Ech wëll awer och betounen: Den CNCI, dee gehéiert zu deem ganze Konzept an den CNCI soll wirklech net op den allerleschte Mokuchsdag verträischt ginn. Mir hu jo och dofir als DP déi Motioun, déi - ech mengen - praktesch all Partei hei ënnerstëtzt, ënnerschriwwen.

Awer och do soll ee sech iwwerleeën, wat dann déi bescht Solutioun ass fir den CNCI. Hei - wéi ech de Projet de loi gelies hunn - ginn ech dovunner aus, dass scho praktesch sechs Milliounen awer iergendwéi virgesi sinn an dësem Projet fir den CNCI, well ee ronderëm d'Héichiewen do wëllt scho Suen - wéi soll ech soen - am Hëllef op den CNCI affectéiere respektiv dat schonn dohinner matplangen, dass et praktesch schonn decidéiert ass, fir et op déi dote Plaz ze maachen.

Mä och hei muss een da vläicht do e bësselche méi kloer nach kucken, méi Transparenz ze schafen, ob dat wirklech herno dofir affectéiert gëtt. Well et wier jo awer och e bësselche komesch, wann een da géif hei ufänken, Sue fir een CNCI scho mat ze verplangen, praktesch mat ze verbauen, an herno géif awer näischt drakommen, well de Schluss vun de Sue fir en CNCI nach net gestëmmt ass. Sou dass een herno eventuell eng Situatioun géif kréie wéi beim Festungsmusée, wou laang Joren dann do eng Carcasse eidel steet respektiv dass do dann och kee Konzept géif virleien.

Et gëtt do och aner Méiglechkeeten, ënner anerem d'Amicale vun den Héichiewen huet jo och schonns verschidde Virschléi gemaach, fir dat eventuell an engem anere Gebai ënnerzebréngen. An och déi Idäi soll een nach eng Kéier considéréieren.

Ech wëllt hei och d'Geleeënheet notzen, fir den Asaz vun der Amicale ervirzepräichen. Si gi mat vill Sachverstand an Engagement un deen Dossier erun. A si konnten och zum Beispill verhéieren, dass eng Rei Équipementen, déi wichteg si fir d'Verständnis vun de Schmelzprozessen, sollte verschrott ginn oder ofgerappt ginn. Bon, ech hoffen, dass och an Zukunft d'Regierung en oppent Ouer huet fir déi Leit, op se ageet a se net, wéi dat alt emol an der Vergaangenheet déi eng oder aner Kéier de Fall war, einfach viru Fait-accompléi setzt; ënner anerem Stéchwuert: den Highway.

Här President, mir stinn och zum Prinzip „le monument dans la cité“ a wënschen eis, dass d'Zäit elo genotzt gëtt, fir sécherzegoen, dass hei e kohärente Site entsteet. An duerfir muss och Verschiddenes gutt iwwerduecht ginn. Et soll een och sécherzegoen, dass de Fonds Belval sech déi néideg Kompetenzen gëtt a sech mat Spezialisten ëmgëtt, déi Erfahrung hunn am Beräich vun der Konservatioun vun esou engem Industrie-Patrimoine. An och hei kënnen se jo op de Rot vun der Amicale zréckgräifen.

Bon, mam Vote vun dësem Projet erhalen mer, Här President, e wichtegt Symbol vum Grand-Duché aus dem 20. Jorhonnert, eise Wuelstand. Dat Lëtzebuerg vun haut wier net dat, wat et ass, ouni d'Héichiewen am Süden an am Minette. Mir hoffen also, dass dat erhale bleift an dass dorüwer eraus an nächster Zukunft hei e Site vun engem moderne Lëtzebuerg ent-



steet vum 21. Jorhonnert, wou wunnen, liewen, Commerce, Fuerschung zesumme-fléisst, an och d'Kultur hir Plaz huet, an datt domadder d'Frichen och zu engem grouse Publikumsmagnéit, engem Publikum vun all Zorten, gëtt am Süde vum Land an am Land insgesamt.

Dat gesot, géif ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abrén-gen. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Berger Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch agedroen. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt als Éischt dem Rapporteur Merci soe fir säi gudden an ausféierleche Rapport. Doduerch, dass hien am Detail op den Historique vum Projet vun den Héichiewen a vum Centre national de la culture industrielle agaangen ass, konnte mer eis bewosst ginn, wéi laang schonn an dësem Projet geschafft gëtt a wivill geschitt ass nodeems 1997 - esou laang ass dat schonn hier - dee leschten Héichuewen op Belval ofgeschalt gouf.

D'Reconversoun vun enger Friche, wéi et fir de Belval de Fall ass, ass eng enorm Erausforderung, zemoos wann doraus e Modellprojet fir d'Land soll entstoën. Do ass et logesch an normal, dass een an Etappe virgoe muss an déi verschidde Projeten net all gläichzäiteg ka realiséieren. Geneesou wichteg an normal ass et awer, dass ee vun Ufank un e Gesamtkonzept huet, un deem een dann och festhält. Bei dem Projet, iwwert dee mer haut diskutéieren, gëtt dat besonnesch gutt daitlech.

Ganz fréi gouf et de Konsens, fir d'Héichiewen ze erhalen, déi zesumme mat engem nationalen Zentrum fir Industriekultur den historesche Charakter vum Site prägen sollen. Eis éischt Suerg war a bleift, dass d'Héichiewen an engem gudde Zoustand erhalte bleiwen an eventuell Sécherheetsrisiken écartéiert ginn, onofhängeg dovun, wéi wäit mer mam Projet vum nationalen Industriekulturzentrum komm sinn. A genau där Logik hu mer am Oktober 2003 en éischt Gesetz gestëmmt, an an deem Sënn stëmme mer och haut iwwert déi zweet Etapp vum Projet of.

An deene leschte siwe Joer ass vill dor-iwwer diskutéiert ginn an heiansdo och zimlech vill doriwwer gestridde ginn, a wat fir enger Form d'Héichiewe sollen erhalte bleiwen. D'Meenungen dozou sinn zum Deel wäit auseneeggaangen. Dofir war et émsou méi wichteg, fir eng Léisung ze fannen, déi den „juste milieu“ tëscht deenen zwou extreme Positiounen trefft.

Deen een Extrem, deen doranner besteet, fir alles ofzerappen, wier fir eis inakzeptabel gewiescht. D'Stolindustrie ass an esou engem Mooss mat der Entwécklung vun eise Land a mam Liewe vu ganze Generatiounen verbonnen, dass et ondenkbar gewiescht wier, déi wichtegst Zeien aus där Zäit ze zerstéieren an der nächster Generatioun näischt méi dovunner ze hanterloossen an ze vermëttelen.

Deen aneren Extrem, deen doranner besteet, fir alles ze erhalen, war awer genau-sou weineg akzeptabel. Schonnelong um techesche Plang ass d'Erhale vun engem Héichuewen eng heikel Saach, well esou eng Anlag net fir d'Éiwegkeet gemaach ass. Héichiewen, déi a Betrib sinn, hunn eng begrenzte Liewensdauer a wa se net méi genotzt ginn, verfale se schnell, wann ee se sech selwer iwwerléisst.

Dat war jo och de Grond, firwat mer 2003 hu misse schnell e Finanzéierungsgesetz fir Stabiliséierungsarbechte stëmmen a firwat mer och mat deem Projet de loi, deen haut virläit, net méi dierfe waarden. Et war deemno weder machbar nach finanzéierbar, fir alles ze erhalen, wat nach 1997 um Site stoung.

Wichtig ass et och an deem Zesammenhang ervirzeprägen, dass mer grad net nom Modell vum kontrolléierte Verfall zu Lëtzebuerg wëlle schaffen, wéi dat zum

gréissten Deel an Däitschland de Fall war an nach ëmmer ass. Um Enn bedeit dat jo awer, dass d'Héichiewe géife verfallen a verschwannen. Wat net d'Zil vun der Operatioun ka sinn.

D'Regierung hat ursprénglech dräi verschidden Zeenarien ausgeschafft, wéi d'Héichiewe kënnen erhale bleiwen. Als beschte Léisung gouf zrëckbehalen, dass den Héichuewen A integral an den Héichuewen B als Silhouette géife bestoe bleiwen. Dat war e Kompromëss, deen eis haut nach ëmmer ganz räsonnabel schéngt an deen och vum finanzielle Standpunkt aus vertriebar ass.

Denkmalschutz hin oder hier, d'Fro vun de Käschten ass a bleift e wichtege Faktor, besonnesch an dësen Zäiten, wou mer vun alle Leit Efforté verlaangen, fir erëm aus der Kris erauszekommen. Och fir den Denkmalschutz kann an dierf een d'Suen net mat vollen Hänn ausginn. Ëmmerhin hu mer schonn 2003 ronn 14 Milliounen Euro fir dese Projet gestëmmt an ausginn a wäerten elo fir déi zweet Etapp iwwer 38 Milliounen fräistellen. Dat sinn awer ganz beachtlech Zommen. Niewebäi bemierkt, halen ech och d'Aussoe vun eenzelne Leit, dass ee fir vill manner Sue quasi alles hätt kënnen astand setzen an erhalen, fir net ganz fundéiert.

Trotzdem hunn d'Regierung an d'Parlament sech zesumme mat ville bedeelegten Acteuren Zäit geholl, fir sech mat den Doléancë vu verschiddenen Interessengruppen ausenanerzesetzen. An ech begreissen dobäi ganz besonnesch d'Efforté vun der Regierung, fir sech mat den dynamischen Amis des hauts-fourneaux zesummenzesetzen, deenen hir Erfahrung a Sachkenntnis e wichtege Bäitrag fir dese Projet sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut iwwer e Finanzéierungsgesetz, dat et erlabe wäert, d'Héichiewen zu Esch um Site Belval ze erhalen. Ech wëll awer betounen, dass d'Héichiewen an de geplangte Centre national de la culture industrielle ontrennbar matenee verbonne sinn a bleiwe mussen, och wa mer den urspréngleche Projet de loi an zwee gedeelt hunn.

Wa mer dat net esou géife gesinn, da géife mer all deene Recht ginn, déi soen, d'Héichiewe wieren doudeg Zäitzeien, eng eesäiteg museal Konzeptioun wier réckwäertsgeriicht a géif sech eleng un der Vergaangenheet orientéieren. Mir wëllen awer eng innovativ Approche. Mir wëllen, dass d'Héichiewen an den CNCI sech an en neie Quartier kënnen integréieren, deen no vir an an d'Zukunft geriicht ass, mat engem interaktive Konzept, dat sech och u jonk Leit riiht.

Et kéint een natierlech kritiséieren, dass d'Konzept vum CNCI net am Detail um Dësch louch. Dat wier awer ganz schued fir déi vill gutt Aarbecht, déi hei geleescht gouf a fir déi mir Leit wéi dem Antoinette Lorang, dem Denis Scuto oder dem Jean Goedert a villen aneren, déi sech an deem Groupe de travail engagéiert hunn, e grouse Merci sollte soen.

D'Iddi ass nämlech déi, dass den Zentrum vun der nationaler Industriekultur net nëmme soll dokumentéieren, wéi et fréier um Site Belval ausgesinn huet a wéi d'Héichiewe fonctionnéiert hunn. Niewent themateschen a kulturelle Veranstaltungen, déi mam Sujet zesummenhängen, ass virun allem e wichtege interaktive Volet mat virgesinn, wou d'Uni, d'Centre-de-recherche an Experte vu baussen Aktivitéite proposéieren, bei deenen d'Participante kënnen léieren, experimentéieren an och konzeptuell schaffen.

Domat soll e kloere Lien zu eiser Zäit an zur zukünftger Entwécklung am Land hiergestallt ginn. Gläichzäiteg erlaabt dat eis, den Innovatiounsgeescht, deen iwwer Jorzéngten d'Stolindustrie hei am Land geprägt huet a weider prägt, an en neien Zäitalter mat eriwwehuelen. Deen Drang an d'Bereetschaft, ëmmer erëm nei Aarbechtsmethoden an nei Technologien ze entwéckelen, hunn de Succès an de Rächtmung bruecht, vun deem eist ganz Land nach haut profitéiert.

Dës Charakteristik soll och an d'Zukunft de Site Belval ausmaachen. A genee dat sollen Hand an Hand d'Uni, d'Centre-de-recherche an och eben den CNCI vermëttelen.

Wéi de Rapporteur et scho virdu gesot

huet, sti mer, wat d'Erhale vun den Héichiewen ugeet, esou zimlech ënner Zäit-druck. Et war deemno an der Kommissioun de Wonsch, esou schnell wéi méiglech d'Finanzéierung vun deene geplangte Moosnamen ze garantéieren. Gläichzäiteg war d'Bedierfnis do, fir sech méi Zäit ze huelen a sech aktiv mam Konzept fir den CNCI ausenanerzesetzen ze kënnen.

Fir béiden Interesse gerecht ze ginn, gouf proposéiert, déi zwee Voleten ze trennen an an zwee separate Projet-de-loien ze behandelen. Et war allerdéngs genausou kloer, dass och dee Schrëtt net dierf bedeiten, dass de Projet CNCI a Fro gestallt géif ginn.

An der Kommissioun ware mer eis eens, dass d'Héichiewen an den CNCI zesumme gehéieren, och wann ee sech fir den CNCI e bësse méi Zäit ka loosse wéi fir d'Héichiewen. Meng Fraktioun war domat d'accord, déi zwee Voleten vuneneen ze trennen, wat eis d'Geleeënheet gëtt, fir d'Konzept vum CNCI fäerdeg auszuschaffen an am Detail ze diskutéieren. Zweetens ass et méi wéi akzeptabel, wann an Zäite vun der Kris Projeten aus budgetäre Grënn an der Zäit décaléiert ginn. An drëtens hale mer iwwer eng Motioun, déi mer selbstverständlech matdroen, kloer fest, dass den CNCI net vergiess ass.

Här President, d'Héichiewe sinn d'Séil vun deem neie Quartier Belval, an d'Industriekultur muss en zentraalt Element vun der Valoriséierung vun deem Site bleiwen. Wéi et schonn e puermol hei ervirgestrach gouf, sinn d'Héichiewen net nëmme Zeien aus enger Ära, déi op en Enn gaangen ass, mä si sinn och e Symbol vum Innovatiounsgeescht vun der Recherche a vum Fortschrëtt, déi heiansdo haart erkämpft musse ginn,...

(**Interruption**)

...mä déi zesummen de Wuelstand vun eise Land begrënnen.

Wann et eis geléngt, déi Verbindung mat der Hëllef vum CNCI sichtbar ze maachen, dann hunn d'Héichiewen hir Plaz tëscht neien Unisgebaier op engem Site, deen, wéi kaum en aneren, déi ënnerschiddlechst Liewensberäicher matenee kombinéiert, verbënnt a méi wéi an enger Hissicht zukunftsorientéiert ass. Studéieren, schaffen, wunnen a Fräizäit fanne sech am neie Quartier Belval erëm, an de politesche Wëllen, fir aus der Reconversoun vun der Friche Belval e Modellprojet fir d'Land ze maachen, ass weiderhin onverkennbar.

Duerch d'Präsenz vun der Universitéit entsteet an deenen nächste Joren d'Masse critique, déi ee brauch, fir esou e Projet all Dag mat Liewen ze fëllen. D'Regierung hält Wuert, andeem se vill Aspekter vun der Nohaltegkeet berücksichtegt a realiséiert. Dozou gehéiert ënner anerem d'Dezentraliséierung vun Administratiounen oder och den Uschloss vun dem Site un eng modern Gare, fir dass e méiglechst gudden „modal split“ kann erreecht ginn.

Gläichzäiteg gouf no enger optimaler Komplementaritéit tëscht privaten Träger an öffentleche Gebaier gesicht. D'Entwécklung vu Belval entsprécht deemno enger kloerer Visioun, wéi mer an d'Zukunft plangen a liewe wëllen hei zu Lëtzebuerg: eng héich Liewensqualitéit an en effizienten Émgank mat Ressourcen; kuerz Weeër; den Opbau vun neie soziale Kontakter tëscht deenen, déi do wunnen, an deenen, déi do schaffen oder hir Fräizäit do verbréngen.

D'Héichiewen an den CNCI maachen dobäi d'Bréck tëscht der Vergaangenheet an der Zukunft. Si erënnere un déi haart kiereperlech Aarbecht, déi eis Pappen a Grousspappen an der Stolindustrie geleescht hunn, an un d'Fundament, op deem de Wuelstand vun hire Kanner konnt entstoen. Si erënnere och un den Iwwergang vun enger duerch Landwirtschaft geprägter Gesellschaft an den Zäitalter vun der Schwéierindustrie, an, méi rezent, zu enger wëssensbasierter Gesellschaft, déi Déngschtleeschungen, nei Technologien, Innovatioun a Recherche an de Mëttelpunkt stellt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, global gekuckt, verlaangt de Projet Belval en enorme kollektiven Effort an héich Investitiounen. D'Héichiewe sollen eis virun Aen halen, dass esou Investitiounen, déi Courage, Vertrauen an d'Zukunft

an en oppene Geescht verlaangen, spéider hir Friichte wäerten droen an e Garant vum Wuelstand sinn.

D'LSAP steet geschlossen hannert dësem Projet a wäert och d'Motioun ënnerstëtzen, déi dorunner erënnert, dass dese Projet de loi just eng Etapp duerstellt, déi ouni den CNCI net komplett ass.

Domat bréngen ech, Här President, den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Mutsch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt vun hei aus dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deen en hei gemaach huet zu dësem Projet. Ech muss soen, ech muss och deenen anere Virriedner hei Merci soen, well déi hunn eigentlech schonn esou vill gesot, datt ee sech nach wierklech hei ka ganz kuerzfaasse bei deem Projet.

Ech mengen, déi ganz Restauratioun vun deenen Héichiewen ass schonn eng ganz Rei Joren an der Diskussioun, si ass kontrovers diskutéiert ginn. Et ass eng Biergerinitiativ, déi sech souguer gegrënnt huet, déi iwwer Joren heftegst gestriden huet, och mat der Politik gestriden huet, wat een do genau soll maachen.

De Mouvement écologique huet mat där Biergerinitiativ zesummen nach virun e puer Méint en zimlech kriteschen Avis ausginn zu der Approche vun der Regierung, wou ee muss soen, datt sécherlech net alles falsch ass, wat an deem Avis do stoung. Mä ech mengen, de Wee, deen awer elo gewielt gëtt, ass dee richtegen, fir effektiv an e puer Etappen eigentlech awer grosso modo op engem gudde Mëttelwee zu deem ze kommen, wat jiddweree wëllt. An dat ass och dat, wat vun all de Virriedner hei beschriwwen ginn ass.

Ech wëllt just nach am Fong eng Remarque hei maachen, an dat schéngt mer dat Wichtigst ze sinn, an duerfir sinn ech och frou, datt mer déi Motioun hei gemeinsam kënnen ofstëmmen, nämlech well dat jo dee Volet ass, deen dat Ganzt soll herno mat Inhalt fëllen. An ech wëll do un dat onrühmlecht Beispill vum Festungsmusée erënnere, wou mer och en eigentlech a sech gudden a flotte Projet décidéiert haten, deen och realiséiert ginn ass, a wou bis haut awer nach ëmmer näischt dra funktionéiert, well mer vergiess haten, eis méi intensiv mat dem Konzept a mam Inhalt ze beschäftegen.

Duerfir, och wa mer elo deen dote Volet aus finanzieller Grënn am Moment e bësse zrëckgestallt hunn, sinn ech frou, datt an der Motioun drasteet, datt dat awer nëmme kuerzfristeg a Fro soll gestallt ginn, mä datt am Fong déi Instanz, déi fir den Inhalt zoustänneg ass, awer och relativ séier soll an enger zweeter Phas nogereecht ginn, well soss hu mer herno zwar eppes erhalen an och restauréiert, mä mir hunn näischt domadder gemaach. An dat ass dat Schlëmmst, wat kéint passéieren. Ech mengen duerfir, dass déi Motioun ganz wichteg ass, déi mer haut bei deem Projet hei stëmmen. Dat ass och de Grond, firwat mer déi Motioun hei selbstverständlech gär mat ënnerschriwwen hunn.

Ech géif mer wënschen an hoffen, datt déi kontrovers Diskussioun, déi gefouert ginn ass an deene leschte Joren, och weider gefouert gëtt, och en vue vun eben deem, wat nach soll nokommen. Duerfir fannen ech, dass d'Politik soll en oppent Ouer hu fir all déi méi kritesch Avisen och, déi gemaach gi sinn zum Projet hei. Et muss een net ëmmer mat allem d'accord sinn, wat do beschriwwen gëtt, mä et sinn awer vill a gutt Suggestiounen dran.

Deementspriedend bréngen ech och hei an dësem Stadium den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här François Bausch. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.



► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 6065 gouf eis op eng ganz kompetent Manéier vum Här Rapporteur presentéiert, an dofir soe mer him Merci. Allerdéngs ass déi Iddi, fir d'Héichiewen A a B zu Belval, esou wéi de Gesetzesprojet et seet, en valeur ze setzen, an eisen Aen e Musterbeispill fir eppes, wat ganz besonnesch an dësen Zäite finanziell einfach net ze verantworten ass.

Loosse mer et dättlech soen: D'ADR huet ganz sécher näischt dergéint, fir eise Patrimoine industriel am Kader vun engem zukünftege Centre national de la culture industrielle - CNCI - ze valoriséieren, ze erklären a fir d'Nowelt verständlech ze maachen. Mä dofir brauch een net Milliounen a Milliounen auszeginn, fir zwee al Héichiewen ze restauréieren oder fir déi op d'mannst zum Deel ze erhalen. Dofir geet eng modern museal Struktur mat engem iwwerzeegende Konzept duer, dat awer nach muss ausgeschafft an diskutéiert ginn.

Musse mir dann drun erënneren, dass an eisem direkten Ëmfeld souwuel zu Völklingen wéi och zu Uckange schonn ähnlech Installatiounen bestinn, déi iwwregens och deier Geld kascht hunn, an dass mir schonn eleng dowéinst net och nach mussen zwee al Héichiewen zu Lëtzebuerg erhalen? Wa mir d'Konzept vun der Groussregioun eescht huelen, da brauche mir ganz sécher keen double oder triple emploi an eiser Regioun ze favoriséieren, wa mir keen direkten Notzen dovun hunn.

Well den direkten Notze gesi mir net! Sécher, et gétt dacks vun engem positiven Effet op de regionalen Tourismus geschwat, fir de Projet ze justifiéieren, mä wien op d'Experte lauschtert, weess, dass dat net esou ass. Besonnesch zu Lëtzebuerg bidden déi auslännesch „tour operators“ virun allem ganz kompakt Visiten un, déi dacks nëmmen e puer Stonnen däerfen daueren. Alles, wat net an der Stad läit, kënnt dobäi leider ze kuerz.

An et sinn net déi puer Schouלקlassen, déi de Site zu Belval da besiche kommen, déi e finanziellen Impakt hunn, well déi komme jo och nach gratis eran. Weinst dem Tourismus brauche mir also sécher keng Héichiewen ze erhalen, an déi pedagogesch Missioun ka vum CNCI eleng gutt erfüllt ginn.

Iwwert den esthetesche Wäert vun deenen Héichiewe léisst sech streiden. Net jiddweree gesäit eppes - ech zitéieren - „Majestétesches“ an zwee raschtege Réier, wéi de Projet de loi vun der Regierung eis et enthusiastesch virschwärmert.

Net jiddweree schwätzt, wéi eis Regierung, vun engem „Monument dans la Cité“ an deem Zesummenhang. Et ass éischter esou, dass déi zwee Héichiewen optesch alles erdrécken, wat do ronderëm steet, dass ee ka vun enger „Cité dans le monument“ schwätzen, wéi de Mouvement écologique et mécht, oder nach éischter vun enger „Cité écrasée par un monument“, wann een dann déi zwee lewen iwwerhaupt wëllt als Monument bezeichnen.

D'Gëlle Fra ass e Monument, mä déi huet d'Regierung op Schanghai bruecht, an totaler Mëssuechtung vun de Gefiller vu ville Lëtzeburger an dem Respekt, dee mir eisem wichtegsten nationale Monument schëlleg sinn.

(Interruptions)

Déi zwou Schrottpäife vu Belval sinn awer ganz sécher kee Monument! Mir hunn déi der Stolindustrie zum Deel missen ofkafen, zum Deel vläicht och geschenkt kritt, well och emol zu Schanghai keen déi méi wollt. Dat nennt een also e Cadeau empoisonné. Et wier gutt, wann d'Regierung emol hire Sproochgebrauch géif iwwerdenken a kloermaachen, wat si ënner engem Monument versteet, well am Abléck weess si weder, wat si domadder mengt, nach weess si, wat sech am Ëmgang mat engem richtege Monument passt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet „Schrott in the city“, iwwert dee mir haut sollen ofstëmmen, ass näischt anescht wéi e Milliounegraf. Nom Gesetz vun 2003 hu mir ronn 14 Milliounen bis elo ausgi fir d'Sécurisatioun a fir e sëllegen Etüden, inklusiv fir laang Recherchen, fir eng Faarf ze fannen, fir de Schrott och

esou unzesträichen, dass en och nach soll viru wéi Schrott ausgesinn. Bei der Visite op der Plaz zu Belval ware mir awer gewuer ginn, dass dat bis elo a Wierklechkeet keng 14 Milliounen waren, mä wäit iwwer 20; mat den Honorairé kéinten et der scho 24 gewiescht sinn.

Dee ganze Projet ass finanziell vollkommen oniwwersiichtlech. Déi verschiddenst Zuelen zirkuléieren, dorënner och déi, dass de Projet bis elo scho kéint bis zu 39 Milliounen kascht hunn. A mir wëssen nach net, wat fir eng Iwwerraschungen op eis duerkommen, och well d'Implementatioun vun den Héichiewen an enger Stad mat ville Fousgänger de Projet fundamental vun deem vu Völklingen ënnerscheet. Mir wëssen och net, wéi eng Auswierkungen nach kënne fir d'Rockhal Entstoen.

Mir wëssen net, wéi stabil déi zwee Héichiewe sinn, well dozou nach net genuch Etüde gemaach goufen. Et geet vläicht duer, dass ënnen eemol e Camion an eng Stäip vun esou engem „huelen Zant“ - fir eng Expressioun vum Michel Pauly hei opzegräifen - rennt, fir dass mir niewent engem oder méi Mënscheliwwen och nach de Verloscht vun engem Verméige musse bekloen.

Op der Plaz gehéiert viles dem Stat net, nach net, oder jiddefalls net ganz. D'Gasréier gehéieren zum Beispill der Agora, déi hirersäits dem Stat nëmmen zu 50% gehéiert. Villes, wat ausserhalb vum Perimeter vun den Héichiewe läit, awer zum industrielle Gesamtkomplex gehéiert oder passt, gehéiert dem Stat weder direkt nach indirekt.

Mat Sécherheet ass et net iwwerdriwwen, fir d'Käschte vun deem ganze Projet, wann een dann eemol fäerdeg ass, op op d'mannst 100 Milliounen Euro unzesetzen. De Statsrot kritiséiert net ëmsoss den „Saucissonnage“, dat ass och en Zitat vum Projet, wat eng gesamt finanziell Iwwersiicht schwéier mécht. An dat ass jo vläicht och esou gewollt? Als ADR soe mir, de Projet Belval ass alt nees e Fall fir d'Cour des Comptes.

Här President, wem gehéieren dann elo d'Terraine genee, an zu wéi engem Präis goufe si eventuell kaaft? Wouhin ass de Profit vun deem Schrott gaangen, dee bis elo verkaaft gouf? Alles dat si Froen, déi vu verschiddene Säiten opgeworf goufen, an all hu si hir Berechtigung.

Mir kënne verstoen, dass déi Leit, déi fréier do geschafft hunn, dee Site wëllen erhalen. Emotional ass dat liicht nozevollzéien, an déi Gefiller vun Nostalgie an déi Faszinatioun fir eng héich entwéckelt Technik verdénge Respekt. Geneesou si mir eis och bewosst, dass de Räichtum vum Land zu engem groussen Deel aus der Stolindustrie staamt, an dass d'Erënnerung doru muss erhale bleiwen, versteet sech och vun eleng. Mä mir halen et fir politesch onverantwortlech, fir duerfir e Milliounegraf zu Belval opzeriichten.

Musse mir drun erënneren, dass dës onsozial Regierung gläichzäiteg zu Belval Milliounen onkontrolléiert ausgëtt, an dobäi Steiererhéijunge plängt an d'Mammerent fënnef Joer méi spéit ausbezilt? D'Manipulatioun vun der Mammerent duerch d'CSV an d'LSAP bréngt dem Stat am Joer ronn fënnef Milliounen. Zu Belval ginn der awer gläichzäiteg honnert zur Fëenster erausgehäit! Fir déi Suen hätte mer d'Mammerent nach 20 Joer laang vu 60 Joer u kënnen ausbezuelen amplaz, wéi d'Regierung et elo wëllt, vu 65 Joer un.

An hei schwätze mir just vun deene Käschten, déi elo op eis duerkommen. Mir wëssen haut nach net, wéi vill Ënnerhaltskäschten a Fonctionnementskäschten an der Zukunft entstinn. Fir déi hätte mer ganz sécher op munnech Steiererhéijunge kënne verzichten, déi déi Häre Juncker a Frieden elo aféieren.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Wourecht ass: D'CSV kann net mat Suen ëmgoen! Wéi scho beim Festungsmusée gesot, CSV steet fir Chaos a Sue verbëtzen. Chrëschtlech ass si scho laang net méi. Haut freet d'Regierung eis ronn 27 Milliounen zum Bauindex vun 2008, also a Wierklechkeet nach vill méi, déi scho bei all déi Suen derbäikommen, déi schonn op deem Site ausgi goufen. An dat ass, wéi gesot, nach laang net de ganze Projet.

De Statsrot versteet iwwregens och net, wéi d'Regierung wëllt mat de Suen ëmgoen. Et kann een de Leit nëmme roden, den Avis vum 18. Dezember 2009 vum Statsrot ze liesen. Ech zitéieren en Auszuch: «Il aurait été intéressant d'apprendre si les fonds autorisés par la loi précitée ont été intégralement utilisés aux fins susvisées, combien de recettes la vente des éléments démantelés a rapportées, à quelle dépense se chiffre le coût de la réfection de la cheminée du haut-fourneau A qui n'avait pas été prise en compte dans la loi du 17 novembre 2003, mais autorisée par la commission parlementaire de l'exécution budgétaire. Le coût de la réfection de cette cheminée fait-il partie intégrante de l'enveloppe financière à autoriser par la Chambre des Députés en vertu de la loi en projet? L'estimation des coûts faisant l'objet de la partie D des annexes joints à l'exposé des motifs ne permet pas d'y répondre.»

Déi zoustänneg Chamberskommissioun a -kommissiounen hunn och bei hirer Visite zu Belval festgestallt, dass vill Dépensen iwwerhaupt nach net am Projet stinn. Virun allem alles dat, wat och muss restauréiert oder ënnerhale ginn an net op engem Statsterrain steet. An et sief och nach bemierkt, dass déi Aarbechten zu Belval och alt nees vill méi deier ware wéi vergläichbar Aarbechten am Ausland. Mä dat ass jo näischt Neies.

Mir proposéieren, elo emol jiddefalls, dass déi Héichiewe sollen ewechgerappt ginn, an dass soll beim CNCI éischter e Park amenagéiert ginn. Jo, dat kascht och Geld, mä vill, vill manner wéi de Projet „Schrott in the city“, fir deen d'CSV am Ganze wäert eng 100 Milliounen Euro verbëtzen. An et bréngt e Stéck Liewensqualitéit bei d'Universitéit op Belval.

Här President, et soll een awer net alles schwarz gesinn, emol net, wann d'CSV 26 Sëtz heibannen huet. Well et ass gutt a sënnvoll, dass een Deel vun deene ville Milliounen soll benotzt ginn, fir déi zwee Héichiewen och nach nuets ze belichten! Virun deenen nächste Wahlen - also nom Spuerpak vum Hierscht 2010, nom Ëmfale vun der LSAP an der Indexfro, an no dem zweete Spuerpak, deen 2012 nach soll nokommen - kënne d'Leit dann och nach owes bewonneren, wat d'CSV an d'LSAP mat hire sëllege Steiererhéijunge gemaach hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'ADR organiséiert am Juni 2014 Bustouren op Belval. Dir sidd all häerzlech invitéiert!

► **Plusieurs voix**.-Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

► **Une voix**.- Ech stinn do voll dohanner. Ech sinn deen Eenzegen heibannen, dee gehollt huet, d'Héichiewe bauen! Duerfir weess ech och, dass ee se ka roueg ofrappen.

(Interruptions)

► **M. le Président**.- Ech géif lech elo bieten, dem Här Hoffmann nozelauschteren, well d'Zäit leeft dem Här Hoffmann soss fort.

► **Plusieurs voix**.- Ooohhh! Aaahhh!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, an der Logik vun där leschter Interventioun kann een och proposéieren, d'Veianer Schlach ofzerappen an do eng künstlech Schipist anzeriichten. D'Fro, ob all eis Héichiewen hu misse stëllgeluecht ginn, déi kann een zwar nach ëmmer stellen, mä et ass ze spéit. Se elo awer ofzerappen, dat wier wierklech op eis Industrie an op eis sozial Geschicht nach eng Kéier gespaut!

Ech sinn also duerfir mat deem Gesetzesprojet averstanen, mat e puer Remarquen.

Fir d'Éischt emol, mengen ech, am Sënn vun der Erhaltung, haaptsächlech vun Héichiewen A, muss et leien, dass all Elementer, déi wierklech de reale Fonctionnement vun deem Héichiewen dokumentéieren, dass déi all erhale bleiwen. Am Moment - duerch déi Avisen, déi schonn hei zitéiert gi sinn - wësse mer net ganz prezis, ob dat wierklech de Fall sollt sinn oder net. An duerfir mengen ech soll nach

eng Kéier mat deenen interesséierten Assoziatiounen a Fachleit zu där doter Fro zesummegeschafft ginn.

Ech hätt et besser fonnt, wa mer och deen Zentrum fir Industriekultur elo realiséiert hätten. Ech sinn awer mat der Verschiebung d'accord, och aus net finanzielle Grënn, haaptsächlech aus zwou Iwwerleeungen eraus: Well et eis erlaabt, zwou wichteg Froen, déi fir mech nach ëmmer am Raum stinn, nach ze behandeln.

Fir d'Éischt d'Fro vum Site - déi ass och hei ugeschwat ginn -, also nach eng Kéier iwwerleeën, och mat interesséierte Leit a Fachleit, ob et wierklech gutt ass, fir deen CNCI oder en Deel dovun an den Héichiewen, quasi an d'Géisschal eranzebauen. Ob déi Perspektiv, ob déi dat Monument Héichiewen net stéiert.

An anerersäits, mengen ech, sollte mer deen inhaltleche Konzept vun deem CNCI nach eng Kéier iwwerdenken, well ech der Meinung sinn, dass dee ganze sozialgeschichtlechen Aspekt, deen den Här Spautz, den Här Rapporteur - deem ech och fir säi Rapport Merci soen -, deen dee jo hei an der Introduktioun nach eng Kéier duergeluecht huet. An ech mengen, dass dee sozialgeschichtlechen Aspekt onbedéngt een zentraalt Element och an deem Zentrum fir Industriekultur muss sinn.

Zu dem Käschtepunkt vun der Restauratioun stellt sech effektiv d'Fro, wann een et vergläicht mat ähnleche Projeten am Ausland, ob deen an där doter Héicht gerecht fertegt ass. Iwwregens, mengen ech, si mer eis jo alleguerte bewosst, dass déi Zomm, déi elo nach Rescht bleift, wa mer de Projet an zwee splécken, mat Sécherheet net duergeet, fir deen CNCI do ze realiséieren, esou wéi e bis elo konzipéiert ass. Dat ännert awer näischt dorun, dass ech selbstverständlech domat d'accord sinn, dass deen Industriezentrum soll esou schnell wéi méiglech realiséiert ginn.

Am Zesummenhang vun de Finanzen werft och de Statsrot d'Fro op: Wat ass eigentlech geschitt mat deene Recetten, déi jo eigentlech hu missen erakommen duerch d'Verschrottung vun deenen Elementer, déi net bäibehale gi sinn? Dee Schrott ass jo wahrscheinlech an den Elektroiewe gelannt. Wat ass mat deene Recetten dann do geschitt? Wësse mer dat? Kënne mer dat gewuer ginn?

Da bleiwen nach eng Rei vu Froen am Zesummenhang mam Aménagement ronderëm den Areal vun den Héichiewen. Wat geschitt mat der Gebléishal? Wat geschitt mat deem sougenannten Highway? Firwat geet et esou lues weider mat der Pépinière d'entreprises? Misste mer net och d'Baudicht ronderëm d'Héichiewen nach eng Kéier iwwerdenken, fir effektiv dee monumentale Charakter vun den Héichiewen ze valoriséieren?

Ech stëmmen de Projet an och d'Motioun. Ech mengen, ech hunn d'Begrënnung hei scho matgelievert.

► **M. le Président**.- Merci, Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den Här Nohaltegekeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. E puer Wuert Explikatiounen och vu menger Säit aus. Fir d'Éischt e Merci dem Här Marc Spautz fir säi gudde Rapport, deen de Wee duerch déi ganz Geschicht gemaach huet. E Wee, deen et och derwäert ass, eng Kéier nozevollzéien, nozegoen, nozekucken erëm, well en am Fong geholl och d'Erklärung ass vun deem, wat mer haut stëmmen, a vun deem, wat mer an deem nächste Joer maachen.

Och der Kommissioun villmools Merci fir déi Zesummenaarbecht, déi mer konnten an deene leschte Méint iwwert dëse Projet hunn. Notamment während enger Visite, wat schonn en exzeptionelle Phenomeen ass, wou eng Rei Décisiounen och konnte gemeinsam geholl ginn.

Ech wëll ufänken, andeem ech e puer Wuert iwwer Belval soen, well ech mengen, dass dee Projet, dee mer haut stëmmen, am Fong en Deel vun engem



Ensemble ass, vun dem Développement vun enger Cité, déi eng vun den Hauptdéveloppementsstrukturen ass, déi mer am Land hunn. Dir wësst, datt am Aménagement du Territoire mer iwwert d'Nordstad, d'Stad Lëtzebuerg, Belval als Hauptdéveloppementszenter erkannt hunn. An déi Investisementer, déi amgaang sinn, privater an öffentlecher, op Belval ze fléissen, assuréieren och eis Zukunft a sinn en Deel vun eiser Zukunft, déi mer dësem Land wëlle ginn.

Déi privat Investisementer, ob dat elo Logementer sinn, Banken, Geschäfte, déi op Belval fléissen; déi öffentlech Instrumenter, ob dat d'Rockhal, d'Uni ass, déi en Deel vun eiser Zukunft ass; d'Pépinière d'entreprises, wou d'Enterprisë sech solle kënnen entwéckelen; e Lycée, dee mer dohinner bauen; Wunnengen, privater, öffentlecher; ob dat de Stroossebau mat der Liaison Micheville ass, respektiv ob dat d'Voies annexes sinn, déi mer do dévéloupiéieren, respektiv deen Tunnel, deen ënnendrenner fiert, ob dat déi nei Gare ass, déi mer zu Belval dévéloupiéieren, well mer iwwerzeegt sinn, datt den öffentliche Transport eng primordial Plaz soll hunn an dem Développement vun engem neien Deel vun enger Géigend; ob dat schlussendlech déi Inkorporatioun vum öffentlichen Transport an déi Konzepter vum öffentlichen Transport ass, déi mer do dévéloupiéieren, oder ob dat schlussendlech d'Erhale vun den Héichiewen ass, déi Deel si vun där Zukunft, déi mer hei wëllen entwéckelen, wëll ech just soen, datt hei e Konzept vun engem ganzen Développement vu Belval op d'Bee gesat ginn ass, wat kohärent ass, wat logesch ass, wat Zukunft huet a wat sech mat där Zukunft, déi et huet, och an eis Geschicht aschreift. An dat ass déi wesentlech Explikatioun vun deem, wat mer haut amgaang sinn ze stëmmen.

Dat, wat mer haut maachen, d'Erhale vun deenen Héichiewen, passt an dat Konzept eran. Et ass d'Modernitéit, déi sech an d'Geschicht aschreift. An et ass och ee vun de staarken Elementer vun deem Site.

E puer Froen, déi gestallt gi sinn, op déi ech kuerz wëlt agoen. Verschidde Riedner, ech mengen den Här Berger an den Här Hoffmann, hu gefrot, firwat et esou deier gëtt. Den Här Hoffmann huet awer virdru gesot, et wieren nach net genuch Elementer erhale ginn, et misst ee sech iwwerleeën, ob der nach zousätzlech méi erhale ginn. Ech wëll him awer just soen, wa mer dat maachen, gëtt et e wéineg méi deier. Dat heescht, mir hu probéiert, hei een Équilibre ze fannen.

Firwat gëtt et méi deier wéi verschidden Erhalungen am Ausland? Mä well d'Konzept vun deem, wat mer hei maachen, sécherlech en anert ass. Éischters, mir erhale ganz vill vun deem, wat dostoung. Mir erhale ganz vill par rapport zu anere Projeten. An zweetens maache mer hei e Monument dans la Cité. Dat heescht net nëmme Monument, mä dat heescht haaptsächlech a mengen Aen „dans la cité“. Wat heescht „dans la cité“? Mä dat heescht, datt mer et mussen esou maachen, datt s de kanns drop goen, drënner goen, datt s de kanns derlaanscht goen, an dat a Sécherheetskonditiounen, déi déi vun enger normaler Stad sinn. Dat explizéiert, firwat et esou deier ass.

Bei aneren Erhalen, notamment déi vum kontrolléierte Verfall, sinn et einfach just e puer Weeër, déi op sinn, respektiv eng ganz Rei Zonen, déi net esou erhale si wéi mir dat hei maachen, déi dee Moment gespaart si respektiv dem Verfall iwwerlooss ginn. Et ass also e ganz anert Konzept, a mir maachen et an der Stad selwer an et ass Element selwer vun där Stad. Dat erkläert och, firwat een anescht muss druegoe wéi vläicht ähnlech Konzepter, déi am Ausland gemaach gi sinn.

Et ass och esou, datt eng Rei vun deenen Elementer, déi am Ufank net derbäi waren - an dat fir op d'Diskussiounen anzegoen, déi mer mat deenen engen an deenen aneren haten, déi eis geschriwwen hunn a regelméisseg och besiche komm sinn -, zum Beispill esou Saache wéi den „High-

way“, dat war am Ufank, wa mäi Souvenir gutt ass, guer net geplangt méi ze erhalen, sollt awer, no Diskussiounen, zumindest en Deel vun deenen Elementer erhale ginn, op Basis vun Diskussiounen, déi mer mat all deene Leit haten, déi sech fir dee Sujet interesséiert hunn.

Ech mengen, datt mer hei probéiert hunn, dat, wat ech zesumme mat der Madame Mutsch den „juste milieu“ nennen, ze treffen, tëschent deem, wat verantwortbar ass, finanziell, och am Ënnerhalt, deen duerno kënnt, an deem, wat ee wëllt erhalen, fir seng Geschicht och kënnen an deenen nächste Joren ze weisen, dat ass dat, wat ech denken, hoffen, wann et fäerdeg ass, datt mer hei getraff hunn.

Elo baue mer haut en Deel net, well mer am Fong deen Deel vum CNCI erausgeholl hunn. Den Här Hoffmann seet richtig, wa mer duerno wëllen den CNCI realiséieren, esou wéi mer en initialement geplangt hunn, da geet et net duer mat de Suen. Dat ass jo och richtig. Mir hu se erausgeholl. Mir si vun 38 Milliounen op 26 erogaangen. Dat heescht, mat deene 26 Milliounen maache mer elo dat, wat eis erlaabt, déi Héichiewen ze erhalen.

Wa mer duerno den CNCI wëllen nobauen, da mussen mer e Gesetzestext notstëmmen, deen eis déi Suen erëm dohinner gëtt. Elo hu mer et net gestëmmt, well d'Konzept nach muss affinéiert ginn, a well et och logesch ass, well ech och als Bauteminister net der Meenung sinn, datt, wann een eppes an zwee, dräi, véier, fënnf, sechs Joer - ech weess jo net, wéini mer elo derzou kommen, wéini d'Finanzen eis dat erlaben erëm ze bauen -, wann een et da baut, da sinn ech och der Meenung, datt mer et da sollte stëmmen, well da kann een d'Analys vun deem, wat de reelle Käschtepunkt ass, zu deem Moment och wesentlech méi no maachen. An dat ass mer scho wichteg.

Ech fannen, datt mer hei eng Kompromëssléisung fonnt hunn, an där finanziell prekärer Situatioun, wou mer haut sinn, tëschent deem, wat mer mussen, wa mer déi Héichiewe wëllen erhalen, obligatoresch direkt maachen - ansonsten de Verfall komplett wier - an deem, wat mer ewechgelooss hunn a wat mer duerchaus kënnen an enger zweeter Etapp maachen.

Mir maachen natierlech och a sech den Erhalt vun den Héichiewen awer esou, datt mer duerno kënnen, wa mer wëllen, den CNCI maachen, derbäisetzen, ouni datt mer dann erëm mussen un Elementer goen, déi mer elo fäerdeg gemaach hätten an déi eis elo eppes kaschten, fir déi erëm duerno ofzeräissen. Mir maachen et also esou, datt mer kënnen weiderfuere mat deem Projet. D'ailleurs äntwert en op déi Motioun, déi vun der Chamber hei erakomm ass an déi genau dat jo a sech proposéiert.

Et sinn och e puer technesch Froen gestallt ginn: wat mam Schrott geschitt ass; mat deene Suen. Deen ass verkaaft ginn; un de Fonds Belval zrëckgefloss, an dee Moment och eran an déi Rechnung gefloss vun deene Suen, déi liquidéiert gi sinn op Basis vun deem éischten Text, wat 13,9 Milliounen waren, déi a sech engagéiert waren. Dovunner sinn der 12,6 liquidéiert ginn. Just fir lech déi Zuelen och eng Kéier ze nennen, datt déi kloer sinn.

Ech wëll awer..., vläicht fir och déi Saache kloerzestellen, well ech mengen, datt d'Regierung hei, wéi an deenen anere Bauprojeten, näischt ze verstoppen huet an och näischt verstoppe wëllt. Ech maachen lech hei och d'Proposition, wéi mer dat bei alle Bauprojete maachen, wou mer all sechs Méint oder regelméisseg an der Comexbu de Suivi financier vun deenen eenzelne Projete maachen - wou mer dru sinn, wat mer ausginn, wéi de Projet virueet, ob en den Timing anhält, ob en d'Suen anhält -, et mat deem hei Projet genau d'selwecht ze maachen an e regelméisseg Suivi financier dovunner ze maachen.

Ech hunn zwar näischt iwwert d'Dagesuerdnung vun der Comexbu ze soen, mä ech kann der Presidentin an der Kommission déi Proposition awer maachen. Wann d'Comexbu dat dann unhëlt, da kënne mer do - wann dat sollt eng Suerg sinn - selbstverständlech och deen heite Projet mat deenen aneren zesumme kucken.

► **M. le Président.**- D'Madame Presidentin vun där Kommissioun wëllt eng Fro stellen.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Ech soen dem Här Minister Merci fir seng Proposition an ech wäert der Kommissioun dat soumettéieren, an déi wäert da bestëmmt dee Virschlag unhuelen, wéi ech se kennen.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Voilà, gutt. Da, mengen ech, kéinte mer domat de Suivi assuréiere vun der finanzieller Revolutioun. Mech berouegt dat am Fong och, wann dat hei schéi propper, transparent an a regelméisseg Ofstänn vu jiddwerengem vun lech - esou, wéi dat och soll - gekuckt gëtt. Dofir ass d'Chamber do, fir d'Regierung ze kontrolléieren. A mir wëllen hir all déi Méiglechkeete ginn.

Dat sollten déi puer Saache sinn, déi ech wollt haut soen. Ech soen lech nach eng Kéier - fir all déi Leit, déi de Projet ënnerstëtzen - villmools Merci fir déi Ënnerstëtzung. Ech mengen, datt mir hei eng gutt Saach maache fir eis Zukunft, andeem mer eise Passé weisen.

Villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltgeektsminister Claude Wiseler. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6065 ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen, géint 4 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Jean-Louis Schiltz), MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Mir kéimen dann och nach zur Ofstëmmung iwwer eng Motioun, déi, wann ech dat richtig gesinn, vun alle Fraktiounen matgedroe gëtt, esou datt mer à main levée iwwert dës Motioun kënnen ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass dergéint?

An Enthalungen hu mer keng.

Domadder wär déi Motioun dann och mat enger ganz grousser Majoritéit ugehall.

Fir haut de Mëtteg huet d'DP-Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert de Mobbing an eiser Gesellschaft ugefrot. D'Riedezäit ass am Artikel 84, Alinea zwee vum Chamberreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten

zou, deenen anere Fraktiounen jee weils fënnf Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véierelstonn.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här André Bauler als Vertrieeder vun der DP-Fraktioun.

6. Heure d'actualité demandée par le groupe DP sur le phénomène de harcèlement moral («mobbing») dans notre société

Exposé

► **M. André Bauler (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de leschte Joren hunn d'Fäll vu Mobbing op der Aarbechtsplaz staark zougeholl. Als méiglech Ursaachen huet de fréiere Gesondheitsminister, de Carlo Wagner, dee viru Joren eng Publikatioun vun der Mobbing A.s.b.l. ënnerstëtzt huet, ënner anere eng schlecht Aarbechtsorganisatioun, eng onzoulänglech Hierarchie oder prekär Beschäftigungsverhältnisse genannt. De Carlo Wagner koum zur Konklusioun, datt Mobbing gravéierend Auswierkungen op déi wirtschaftlech Effizienz an d'Rentabilitéit vun de Betriber huet.

Duerch d'Kris sinn nees méi Mobbingaffer ze verzechnen. A wirtschaftlech méi schwéieren Zäite gëtt mat méi haarde Bandagé geschafft. Besonnesch betraffe Branchë sinn de Commerce, de Gesondheits- a Sozialsektor an d'Finanzinstituter.

Mobbing ass glécklecherweis keen Tabuthema méi. D'Affer deelen hir Suergen éischter mat, si manifestéiere sech bei hirer Famill, hire Frënn an anere Vertrauenspersonen. 2009 gouf d'Mobbing A.s.b.l. 2.200 Mol ugeruff an iwwer Fäll vu Mobbing informéiert. 2008 waren et 440 Fäll manner. Pro Joer gi ronn 300 Dossiere vun der Vereenegung behandelt. Datt d'Zuel vun den Telefonsappeller an d'Luucht geet, weist, datt d'Leit informéiert sinn a selwer d'Initiativ ergräfen. 75% vun de Persounen, déi sech un d'A.s.b.l. wenden, si Fraen. Dëse Prozentsaz dierft kaum iwwerraschen, well et grad Frae sinn, déi éischter Hëllef sichen.

Sou wéi et ausgesäit, gëtt am meeschten an der Alterskategorie tëschent 40 an 49 Joer gemobbt. D'Zuelen, déi ech elo opgegraff hunn, sinn - sou fäerten ech - alles, mä net representativ. Et handelt sech just ëm d'Spëtzt vum Äisbiirg.

Här President, Mobbing ass séilesch Gewalt am Alldag. Et ass Terror op der Aarbechtsplaz. D'Persoun, déi iwwer eng länger Zäit ugegraff gëtt, deet sech schwéier, ze résistéieren. Si resignéiert a gëtt schliesslech hir Plaz op, ouni datt hir dofir offiziell gekënnegt muss ginn.

E kleng Kaméidi mam Chef oder eng Zurechtweisung vum Patron kënnen sécherlech net als Mobbing gewäert ginn. Wann d'ongerechtfertegt Kritiséieren oder d'Ignoréieren vun der Persoun awer System kréien a sech iwwer eng länger Zäit hinziehen, bezéiungswies sech widerhuelen, eréischt da kann ee vu Mobbing schwätzen.

(Mme Anne Brasseur prend la présidence.)

Mobbing huet vill Facetten an ass beileiweke Kavaléiersdelikt. Wëssenschaftlech Analyse weisen, datt Mobbing an zwee Drëttel vun de Fäll vum Virgesetzte vis-à-vis vun engem Mataarbechter ausgeübt gëtt. Et feelt dacks un der néideger Kompetenz, fir mat de Leit, déi een ze féieren huet, ëmzegoen. An deene mannste Fäll ass et e Konflikt tëschent Mataarbechter.

Déi heefegst Form ass déi vum Virenthale vun Informatiounen. D'Affer gëtt an e schlecht Licht geréckelt, ignoréiert, permanent mat neien Erausforderungen konfrontéiert an hanner sengem Réck kritiséiert. D'Leit ginn a Konfliktsituatiounen versat a kréie gesot, datt si hir Aarbecht net gutt maachen, obwuel dat net de Fall ass.

Wann d'Affer dem Drock net méi gewuess ass, kënnt et entweder zu psycheschen oder physesche Stéierungen, wéi zum Beispill Angschtgefiller, Schlofproblemer, chroneschem Kappwéi, Häerzrhythmusstéierungen, Burnout oder Panikattacken, déi dacks zu längere Krankschreiwungen, zum sozialen Ofstieg a bis an de Selbstmord féiere kënnen.